PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 MARS 2019
527

Lëtzebuerg, den 19/03/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Um Twitterprofil vum *Centre de gestion informatique de l'éducation* (CGIE) gëtt an der sougenannter « Bio » vun dësem Twitter-Account (an der den Déteneur vum Online-Profil sech a kuerze Wierder beschreiwe kann) per Hashtags Referenz op e spezifesche kommerziellen Ubidder vu Betribssystemer an Office-Programmer gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Ass et d'Politik vum Bildungsministère op ëffentleche Kanäl Werbung fir eng spezifesch Software an/oder Ubidder ze maachen?
- Wat ass d'Contrevaleur, déi de Staat fir dës Werbung op Twitter kritt?
- Wien huet entscheet dës Werbung ze schalten? Gëtt et eng Konventioun tëscht dem Staat an der Entreprise, déi d'Schalte vu solche Formen an/oder aner Forme vu Publicitéit ëmfaasst?
- Wéi eng Konditioune mussen Entreprisen erfëllen, fir vun ähnlecher Ënnerstëtzung an enger ähnlecher Visibilitéit ze profitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 3 mai 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 527 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad 1)**

De Bildungsministère, deem d'Pluralitéit vun Hiersteller an Ubidder vu Software a Betribssystemer wichteg ass, consideréiert dësen „Hashtag“, dee Referenz op e spezifesche kommerziellen Ubidder vu Betribssystemer an Office-Programmer mécht, an dësem Kontext net als Publicitéit fir dës Entreprise, mä leedeglech als Informatioun. Et handelt sech hei ëm eng Informatioun iwwer Offeren, déi d'Educatioun schonn ubitt an déi d'Schüler gratis zur Verfügung gestallt kréien. Hei besteet kee kommerzielle Kontext an dofir kann de Verweis op déi Produiten och net als Reklamm verstane ginn.

**Ad 2)**

Et handelt sech wéi erwäänt net ëm Reklammen an et besteet deemno keng Géigeleeschtung fir de Staat.

**Ad 3)**

De Bildungsministère ass net der Meenung, datt d'Benotze vun de Programmer vun der viséierter Entreprise als Reklamm agestuuft ka ginn.

**Ad 4)**

D'Benotze vun de Programmer vu Software-Entreprisë baséiert op Lizenzkontrakter am Kader vum Gesetz iwwert ëffentlech Marchéen, net op Konditioune vum Staat.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse